




Numm : _____




Pist vum Darzee




Ech kann ëmweltfrëndlech akafen.




Ech kennen de Kreeslaf vum Waasser.




Ech kann enger Spuer nogoen a kennen Pistenzeechen.




Ech kann zesummen mat engem Chef e Feier ufänken an ënnerhalen.




Ech halen Feierplaz dono proper.




Ech beobachten an der Nuecht den Himmel a weess eppes driwwer ze erzielen.




Ech maachen e Platteknuet.




Ech maachen eng Schlauf.




Ech weess wat ech maachen, wann ech mech am Besch oder an enger Stad verluer hunn.




Ech fannen e Wee op enger Kaart erëm.




Ech suergen fir Uerdnung op menger Schlofplaz an a mengem Rucksak.




Ech kennen e puer Tricken wéi ee Waasser a Stroum ka spueren.



Ech maachen an der Natur
näischt express futti.




Ech geheie kee Knascht an
Natur.




Ech maachen e Plang vun
enger Géigend.

Dës Schrëtt maachen ech eleng a weisen se duerno engem Chef.




Ech bitzen zwee Stécker Stoff
zesummen.

1. Huel 2 Stécker Stoff, eng Nol an e Fuedem.
2. Looss dir vun engem Erwuessene weisen, wéi een eppes zesummen bitzen kann.
3. Bitz déi 2 Sécker uneneen
4. Huel deng Aarbecht mat an Versammlung a weis se engem Chef.




Ech kennen e puer Déieren
an hir
Liewengewunnechten.

1. Sich dir e puer Déieren eraus.
2. Probéier esou vill ewéi méiglech iwwert dës Déieren erauszefannen (Bicher, Internet, Fierschter...)
3. Denk och drun e Bild vun denen Déieren ze hunn.
4. Ziel an enger Versammlung denger Chef an den anere Wëllefcher wats du iwwert déi Déieren erausfonnt hues.




Ech setzen eng Planz a
versuerge se.

1. Sich, am beschten doheem, eng Plaz, wou s du eppes planze kanns.
2. Sich dir eng Planz eraus, déis du setze wëlls. Pass dobäi op, dass du och genee gewuer gëss, wéi s du déi Planz versuerge muss.
3. Setz déi Planz déi s du dir erausgesicht hues, an de Buedem.
4. Maach Fotoe vun denger Planz déi wiisst.
5. Bréng d'Planz, déi bléit, an/oder Fotoe vun der Planz mat an d'Versammlung.




Ech weess, wéi een den Offall zortéiert a wou et Plaze gëtt, wou ech e kann hibréngen.

1. Ëmfro dech doheem, an der Versammlung, an der Schoul, am Recyclingzenter, ... wéi den Offall zortéiert gëtt a wou een en hibréngen kann.
2. Probéier den Dreck selwer ze zortéieren.
3. Ziel deenen anere Wëllefcher wats du erausfonnt hues.




Ech ka mat engem Fotoapparat emgoen a maache Fotoe vun enger Aktivitéit.

1. Besuerg dir bei dengem Elteren oder bei der Chefequipe e Fotoapparat.
2. Maach mat dengem/er Chef/taine of, vu wat s du Fotoe méchs (Camp, Weekend, ...).
3. Schwätz dech mat deenen anere Wëllefcher aus denger Sizaine of, wie wat fotograféiert.
4. Maach d'Fotoen esou wéi ofgemaach.
5. Weis deenen anere Wëllefcher d'Fotoen.



Ech kennen d'Nopeschlänner vu Lëtzebuerg an nach e puer aner Länner aus Europa.


1. Besuerg dir en Atlas oder eng Landkaart.
2. Sich do selwer d'Länner vun Europa oder looss dir se vun engem weisen.
3. Mierk dir hir Nimm.
4. Weis dengem/er Chef/taine wat s du alles erausfonnt hues.



Ech weess wéi eng Stied/grouss Dierfer a menger Géigend sinn.

1. Besuerg dir en Atlas oder eng Landkaart.
2. Looss dir vun engem Erwuessene weisen, wou déi wichtegst Stied / Dierfer aus denger Géigend sinn.
3. Mierk dir hir Nimm an a wat fir engem Deel vum Land si sinn.
4. Weis dengem/er Chef/taine wat s du alles erausfonnt hues.

Ech kennen d'Flëss aus
menger Géigend.



1. Besuerg dir en Atlas oder eng Landkaart.
2. Sich do selwer d'Flëss aus denger Géigend oder looss dir se vun engem weisen.
3. Mierk dir hir Nimm.
4. Weis dengem/er Chef/taine wat s du alles eraus fonnt hues.